N°62
Entrée le 29.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.11.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Mengen Informatiounen no gouf schonn 2019 eng Kéier en Ulaf geholl, fir eng nei Gouvernance fir de Luxembourg Science Center auszeschaffen. Dës wier vun de Responsabele vum LSC dem Bildungsministère proposéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Stëmmt et, dass 2019 scho verschidde Facteuren dozou gefouert hunn, dass een iwwert eng nei Gouvernance geschwat huet? Wa jo, wat waren dës Facteuren?
2. Falls dës Informatioune stëmmen, firwat ass dës Gouvernance deemools net zustane komm?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 62 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

Ech erlabe mir, den honorabelen Deputéierten op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 7707 aus der viregter Legislaturperiod ze verweisen, an där d'Gouvernance vum Luxembourg Science Center (LSC) an d'Problemer, déi domat verbonne waren, am Detail beschriwwe ginn.

Am Resumé ass et esou, datt et am Joer 2019 zu engem Echange tëscht dem MENJE an dem LSC komm ass, iwwert d'Ofrechnunge vun de Statiounen, déi den LSC baue gelooss huet. Zu dësem Zäitpunkt stoung d'Fro vun der Gouvernance net am Mëttelpunkt.

D'Situatioun ronderëm d'Facturatioun huet sech doropshi verbessert. 2022 huet sech aus bekannte Grënn d'Noutwendegkeet erginn, fir déi ganz Gouvernance am Sënn vun der Transparenz ze iwwerschaffen. Dee Prozess ass den Ament amgaangen a gouf an engem Protocole d'entente festgehalen, dee béid Säiten ënnerschriwwen hunn.

Lëtzebuerg, de 15. Januar 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH